

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„De 15. Februar stoung moies op der N7 zu Maarnech an der Gemeng Clief e mobile Radar, deen zeg Automobiliste geblëtzt huet. Effektiv muss een op dëser Plaz méttlerweil 50 Km/St. fueren amplaz 70 Km/St. wéi dat soss de Fall war.

An deem Kader wollt ech dem Här Inneminister folgend Froe stellen:

- Wéi vill Automobiliste goufen de 15. Februar zu Maarnech geblëtzt ? Gouf et rezent och zousätzlech Kontrollen an der Houschter-Déckt, wou neierdénge och Tempo 50 gëllt?*
- Wéi laang stinn déi mobil Radaren duerchschnëttlech op enger bestëmmter Plaz fir Kontrollen duerchzeféieren?*
- Wéi vill mobil Radarkontrolle sinn zanter dem 15. September 2023 am Bezierk Norden duerchgefouert ginn? Wéi vill sinn der an där Zäit landeswäit duerchgefouert ginn?*
- Wéi vill Recetten hunn déi mobil Kontrollen iwwer dësen Zäitraum landeswäit erabruecht?*
- Wat waren d’Recetten um 15. Februar 2024, déi bei der Kontroll zu Maarnech enregistréiert goufen? “*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten